N°974
Entrée le 01.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Recherche
et de l'Enseignement supérieur

La Ministre

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul op d'parlamentaresch Fro n°974 vum 8. Juli 2024 vun dem honorabelen Deputéierte Sven Clement**

Wéi schonn an der Äntwert vum 24. Juni 2024 op d'parlamentaresch Fro n°746 erkläert, gesäit dat modifizéiert Gesetz vum 27. Juni 2018 iwwert d'Organisatioun vun der Universitéit Lëtzebuerg a sengem Artikel 36, Paragraph 6, ee Minimum vun 300 ECTS fir d'Ausstelle vun engem Masterdiplom vir, d'ECTS, déi am Kader vum Bachelor validéiert goufen, mat abegraff. Dës allgemeng Bestëmmung gouf et iwwregens och schonn ënnert dem éischten Unisgesetz vun 2003, well sie gouf agefouert iwwert de *Règlement grand-ducal du 25 mai 2005 relatif à l'obtention du grade de master de l'Université du Luxembourg*. Déi Praxis, fir cumuléiert mam Bachelor 300 ECTS ze verlaangen, fir zu Lëtzebuerg e Masterdiplom ze kréien, ass Deel vun der Lëtzebuerger Strategie fir Qualitéitssécherung am Héichschoulwiesen an existéiert och esou an aneren europäesche Länner.

Wéi schonn an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°746 duergeluecht, gëtt aktuell vun de concernéierten Instanzen aktiv no Léisunge gesicht, déi ënnert bestëmmte Konditiounen eng Ouverture kéinte schafen, wat den Accès an déi betreffend Masterstudiegäng vun der Universitéit Lëtzebuerg ubelaangt.

Lëtzebuerg, den 1. August 2024

D'Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul

(s.) Stéphanie Obertin

18-20, montée de la Pétrusse
L-2327 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85206
www.mesr.gouvernement.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu